N°1626
Entrée le 20.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, an vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n°1626 vum 4. Dezember 2024 vun der honorabeler Députéierten Mandy Minella zum Sujet "Aires de jeux inclusives"**

D'Inklusioun vun alle Mënschen stellt en elementare Grondsaz an eng iewescht politesch Prioritéit fir d'Regierung duer. All Kand soll, onofhängeg vun enger eventueller Beanträchtegung, vu klengem un d'Méiglechkeet kréien, sech beschtméiglech ze entfalen an un den Aktivitéite vum gesellschaftleche Liewen deelzehuelen. Mam Accessibilitéitsgesetz vun 2022 huet Lëtzebuerg e wichtege Schratt a Richtung vun enger barrierefräier Gesellschaft gemaach, andeems e klore gesetzleche Kader geschaf gouf, deen d'Accessibilitéit vu fir d'Ëffentlechkeet zougängleche Plazen reegelt a promouvéiert.

Och wann d'Spillplazen net ënner d'Applikatioun vum Accessiblitéisgesetz falen, spillt d'Sensibiliséierung fir eng méi inklusiv Gesellschaft ze schafen eng zentral Roll an der Aarbecht vun der Regierung, a schreift sech an an d'Efforten zur Ëmsetzung vun der UN-Konventioun fir d'Rechter vu Mënsche mat enger Behënnerung. Och an Zukunft wäert d'Regierung hir Efforte weider verstäerken, fir déi ënnerschittlech Acteuren hisichtlech där Thematik z'informéieren, ze sensibiliséierung a bei der Ëmsetzung vu konkrete Mesuren z'ënnerstëtzen.

Stand haut gëtt et keng national Statistiken iwwer d'Unzuel vun accessibele Spillplazen an de Gemengen. Onofhängeg dovun, sinn a bleiwen d'Gemengen ganz wichteg Partner bei der Férderung vun der Barrierefräiheet an d'Regierung wäert sech weiderhin an enker Kollaboratioun mat den ënnerschittleche Partner dofir asetzen, d'Accessibilitéit an alle Beräicher weider ze stäerken.

Lëtzebuerg, den 20. Dezember 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN